LU




eis schoul
www.eisschoul.lu

# CHARTA

An "Eis Schoul" soll dem Gedanke vun der Inklusioun, dem Matenee vu Kanner an Erwuessene vun ënnerschiddlechem sozialen an ethneschem Background, awer och mat ënnerschiddleche Begabungen a Kompetenze besonnesch Rechnung gedroe ginn.

D'Kanner léieren op dësem Wee mat Verschiddenheeten ëmzegoen an hire Matmënsche mat Opmierksamkeet a Respekt ze begéinen.

De Prinzip vun der Ganzdagsbetreiung soll dëse Gedanken duerch d'Zesummeliewen an d'Léiere vun alle Kanner iwwert de ganzen Dag ënnerstëtzen.

An dësem Sënn ass et eis wichteg, dass di ganz Schoulgemeinschaft un engem Strang zitt.

De Schoulcomité

EIS SCHOUL
47-51, rue des Maraîchers
L-2124 Luxembourg

www.eisschoul.lu

Kontakt: sekretariat@eisschoul.lu

Tel.: 4796-6327
Fax: 26431658

Graphic Design: Tanja Frank
Drock: Bastiandruck

# Inhalt




Leitsätz ........ 5

- Respekt ........ 6
- Inklusioun / 'Tous capables' ........ 7
- Empathie ........ 7
- Freed ........ 8
- Disziplin ........ 8
- Opmierksamkeet ........ 9
- Vertrauen ........ 9
- Kloerheet & Transparenz ........ 10





RAD Regelen ........ 11

- Respekt ........ 12
- Opmierksamkeet ........ 13
- Disziplin ........ 14

Konfliktmodell ........ 15






Gespréichsleeder ........ 16

Schlusswuert ........ 17




# Virwuert

## 1. Wat ass eng Charta?

Eng Charta ass e klengt Buch.
An dësem Buch stinn d'Regelen an dat wat eis wichteg ass fir d'Schoul.
An der Charta solle vill Leitsätz stoen. Déi Leitsätz solle kuerz a verständlech sinn.

## 2. Wat ass ee Leitsaz?

Leitsätz si Sätz déi eis Wäerter erklären.

Zum Beispill, fir "Respekt":

- Ech laache keen aus.
- Ech lauschtere no wann ee schwätzt.
- Ech maache kee Material a keng Spillsaache futti.

## 3. Firwat eng Charta?

D'Charta hu mir, well mir Fridden an d'Schoul brénge wëllen.
Jidderee soll zefridden Heem goen an erëm zefridden zréckkommen.

D'Charta begleet eis a gudden wéi och a schlechten Zäiten.

Bei der Zesummenaarbecht vun der Charta sinn eis Iddien gehéiert ginn a mir konnten och verschidde Punkten änneren.

Dat war super! Mir konnten an der Charta matbestëmmen.



D'Virwuert ass vum Lou Kerschen (Schüler Cycle 3) virbereed ginn, mat der Zesummenaarbecht vum Schülerparlament (Schüler Cycle 2-4)

Wien zefridde wëll bleiwen, muss sech weiderentwéckelen.



# Dëse Wäertekompass weist eis de Wee



Dës Leitsätz si jeweils vun de Kanner Ⓚ, dem Léierpersonal Ⓛ, den Erzéier Ⓔ, an den Elteren Ⓔl ausgeschafft ginn.






- Ⓚ Ech laache keen aus a lauschtere no wann ee schwätzt. Ech maache kee Material a keng Spillsaache futti. Ech respektéieren STOP!
- Ⓛ Fir mech bedeit Respekt gemeinsam an zesumme liewen a schaffen, ouni d'Grenze vu menge Matmënschen z'iwwerschreiden, egal wéi deen aneren denkt oder ausgesäit.
- Ⓔ Ech respektéiere mech an déi aner. Meng Fräiheet hält do op wou deem Anere seng ugeet.
- Ⓔl Mir erkennen u wat jidderengem an der Schoulgemeinschaft wichteg ass a gi respektvoll matenaner ëm.



# INKLUSIOUN 'TOUS CAPABLES'



- **K** Ech gi jidderengem eng Chance. All d'Méiglechkeete stinn op.
- **L** Jidderee kritt d'Méiglechkeet sech beschtméiglechst z'entfalen.
- **E** Jiddereen huet Stäerkten an zesumme si mir nach méi staark.
- **El** Mir erkennen un an erkennen, dass an all Mënsch eng besonnesch Fähegkeet stécht.



# EMPATHIE



- **K** Ech weise meng Gefiller a weise Matgefill.
  Ech probéieren ze verstoe wéi et deem anere geet.
- **L** Fir eis bedeit Empathie, nolauschteren a sech an e Mënsch erafillen a probéieren hien ze verstoen.
- **E** Op deen aneren zougoen, nolauschteren, probéieren sech an deen aneren eranzeversetzen an handelen.
- **El** Mir lauschteren deem anere no.

# FREED





- **K** Ech freeë mech fir mat deenen aneren zesummen ze sinn a mäi Wëssen a wat ech erlieft hunn ze deelen.
- **L** Fir eis bedeit Freed, Spaass ze hunn, ze laachen, e gutt Gefill ze hunn an dat mat aneren ze deelen.
- **E** Dat mécht d'Liewen an d'Aarbecht méi liicht, aleng an zesummen.
- **El** Mir freeën eis, wann eis Kanner a mir eis an der Schoul wuelfillen a mir all zesumme Spaass hunn.



# DISZIPLIN



- **K** Ech hale mech un d'Regelen a maache mäi Bescht, fir all meng Aufgabe fäerdeg ze kréien.
- **L** Fir eis bedeit Disziplin ze versichen, déi Ziler, déi een sech selwer gesat huet z'erreechen, andeem een d'Regele respektéiert
- **E** Disziplin bedeit fir eis, sech konsequent a gemeinsam un d'Regelen ze halen.
- **El** Et ass eis wichteg dass alleguerte sech zouverlässeg un d'Regelen halen. Ofmaachunge ginn zesumme festgeluecht an zouverlässeg agehalen.




# OPMIERKSAMKEET



- **K** Ech hëllefe wann Hëllef gebraucht gëtt.
- **L** Fir eis ass Opmierksamkeet, bewosst all Mënsch wouer ze huelen.
- **E** Opmierksamkeet bedeit fir eis: ech si präsent bei mengem Matmënsch an an der Aarbecht derbäi.
- **El** Mir fannen et wichteg, sech selwer an di aner wouer an eescht ze huelen. Mir kucken an intresséieren eis fir dat, wat ronderëm geschitt.

# VERTRAUEN





- **K** Ech fille mech sécher an der Schoul a ka mech op di aner verloossen.
- **L** Vertrauen ze hunn a sech an seng eege Méiglechkeeten, a sech op seng Matmënschen verloossen ze kënnen.
- **E** Sech géigesäiteg vertrauen, sech op deen Anere verloosse kënne, fir eng gesond Bezéiung opzebauen.
- **El** Vertrauen heescht ze wëssen, dass ee verstane gëtt a sech a seng Kanner a gudden Hänn spiert. Mir gleewen drun, dass jidderee säi Bescht gëtt.



# KLOERHEET & TRANSPARENZ



- **K** Ech ka soe wat ech denken a fillen.
- **L** Et ass wichteg, dass all Schoulmember d'Ziler vun der Schoul kennt a wichteg Informatiounen iwwer d'Organisatioun vum Alldag an d'Decisiounen déi hie betreffen zougänglech sinn.
- **E** Bedeit fir eis, kloer Ziler an eng éierlech an authentesch Kommunikatioun op allen Ebenen.
- **El** Kloerheet an Transparenz heescht, dass ech iwwert alles, wat de Schoulalldag ugeet, Bescheed weess. Ech vertrauen drop, informéiert ze ginn an et erkläert ze kréien, wann ech eppes net verstinn.
Mir kenne matenee schwätzen a bréngen eis an.

## RAD Regelen

Eis RAD-Regelen erméiglechen eis en harmonescht Zesummeliewen.
Eis RAD-Regele gëllen iwwerall vu 07:30 bis 18:30 a fir déi ganz Schoulgemeinschaft.
All Klass, de Paradiso an extra Aktivitéiten kënnen zousätzlech Regelen hunn.

 steet fir "Respekt"  steet fir "Aufmerksamkeit"  steet fir "Disziplin"





# RESPEKT



Ech respektéieren d'Material an d'Iessen, an hannerloossen de Sall propper.

- Regel: Ech soe "Moien", "Äddi", "Wann ech gelift" a "Merci".
  - Konsequenz: Ech ginn un d'Regel erënnert an ech kréien net dat wat ech gefrot hunn.

- Regel: Ech maache mat kengem de Geck.
  - Konsequenz: Ech entschëllege mech bei der betraffener Persoun.

- Regel: Ech regele meng Konflikter mëndlech an direkt mat der betraffener Persoun. Wann et net hëlleft, schreiwen ech et an an d'Klassebuch. Wann et ganz dringend ass, ginn ech direkt bei den Erwuessenen.
  - Konsequenz: Bei enger Sanktioun gi meng Elteren doriwwer informéiert. Wann ech geschloen oder beleidegt hunn, muss ech een Entschëllegungsbréif* schreiwen an de Schued neess reparéieren**. Am schlëmmste Fall ginn ech virun de Comité geruff.

- Regel: Ech respektéieren d'Material an d'Iessen an hannerloossen de Sall propper.
  - Konsequenz: Ech flécken oder ersetzen d'Material a meng Eltere ginn informéiert. Ech muss botzen.

*Den Entschëllegungsbréif besteet aus 4 Deeler:

1. Ech hunn ... (Erklärung)
2. Wann ech esou eppes maachen, da kann ... (Empathie)
3. An Zukunft wäert ech ... (Engagement)
4. Ech entschëllege mech bei dir fir mäi Verhalen. (Entschëllegung)

Jee no Alter a Kompetenz gëtt esou eng Entschëllegung just mëndlech zesumme mam Erwuessenen erschafft an et gi Biller derzou gemoolt.

**Eng Réparatioun heescht, datt den Täter soll aktiv ginn an sech eng Aktioun fir d'Opfer soll iwwerleeën, fir him gutt ze doen, fir datt déi negativ Gefiller net méi esou staark sinn. Normalerweis mécht den Täter Propositiounen an d'Opfer muss domat averstane sinn. Wann den Täter bis zu engem bestëmmten Délai keng akzeptabel Propositoune gemaach huet, da mécht d'Opfer Virschléi.

Dee ganze Prozess vun der Réparatioun gëtt vum Erwuessene begleet a gutt geheescht.



# OPMIERKSAMKEET

- Regel: Ech hëllefen deem, deen Hëllef brauch.
  - Konsequenz: Wann ech net hëllefen, kann ech net erwaarden selwer Hëllef ze kréien.
- Regel: Ech lauschtere no a follegen.
  - Konsequenz: Ech ginn un d'Regel erënnert a wann ech se net verhalen, muss ech se ofschreiwen.














# DISZIPLIN

- Regel: Ech weisen de Fanger.
  - Konsequenz: Wann ech de Fanger net weisen, dierf ech net schwätzen.
- Regel: Ech flüstere bei enger Gruppenaarbecht an der Klass.
  - Konsequenz: Wann ech dat net kann, dierf ech net un der Gruppenaarbecht deelhuelen.
- Regel: Ech schwätzen déi Sprooch, déi am Unterrecht geléiert gëtt.
  Ech däerf eng aner Sprooch zur Hëllef huelen, wann ech guer net méi eens ginn.
  - Konsequenz: Ech ginn un d'Regel erënnert.
- Regel: Ech lafe net am Schoulgebai a rutsche net d'Gelänner erof.
  - Konsequenz: Ech muss de Wee rëm zréck goen.
- Regel: Ech raumen d'Material zréck ob seng Plaz.
  - Konsequenz: Ech bleiwen esou laang an der Klass bis ech d'Material geraumt hunn.
- Regel: Ech si pünktlech.
  - Konsequenz: Ech muss deen Deel Schaffzäit, deen ech verpasst hu vu menger Fräizäit ofginn.
- Regel: Ech wäsche meng Hänn iert ech iesse ginn.
  - Konsequenz: Ech dierf net iesse goen.
- Regel: Ech di meng Schlappen un ier ech an de Schoulrestaurant iesse ginn.
  - Konsequenz: Ech däerf net am Schoulrestaurant iessen.

# Konflikt-modell




1. **STOP**: Jiddereen huet d'Recht STOP ze soe wann e net respektéiert gëtt.



2. **Giel Kaart**: Verwarnung, an da 5 Minutten während der Paus op d'Bänk sëtze goen, fir nozedenken.



3. **Rout Kaart**: Ech muss op der Bänk setze während der Paus.

# Gespréichs-leeder




D'Gespréichsleeder weist u wien ee sech ka riichte fir Ideeën, Proposen oder Doléancen ze beschwätzen.

Éischt Uspriechpartner sinn ëmmer déi betraffe Persoune selwer - déi éischt Spross vun der Gespréichsleeder.

# Schluss-wuert

Eis Schoulcharta, déi Dir an den Hänn hutt, ass d'Resultat vun enger schéiner an intensiver Zesummenaarbecht vu Kanner, Personal an Elteren.

Mir soen alle Leit e groussen a waarme Merci fir hiert Matwierken, hir Ënnerstëtzung an den Engagement fir eise Projet!

All de Kanner, déi eis Charta esou schéi gestalt hunn e grousse Bravo an natierlech och hinnen e grousse Merci.

E besonnesche Merci och dem Här Jörg Haferkamp fir seng kompetent an agreabel Begleedung während där spannender Zäit.

EIS SCHOULCHARTA SOLL LIEWEN!

Duerfir gi mir alleguerten eist Bescht, fir eis Charta esou gutt wéi nëmme méiglech ëmzesetzen.

Den Elterecomité